# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Enrôlés de Force




MONUMENT AUX MORTS ZU RAMMERICH

2 2006
Avril
e année

6.Mee 2006 zu Rammerech

# Nationalkongress vun der „Fédération des Enrôlés de Force“

Ënner dem Protektorat vum „Comité Directeur du Souvenir de l'Enrôlement Forcé“ organiséiert d'Sektioun RAMMERECH de 6. Mee 2006 den Nationalkongress vun der Federatioun.

**Programm:**

**Vu 14.30 Auer un:**

Rassemblement vun den Delegéierten am Centre culturel zu Rammerech.

Receptioun vun den Invitéen an der Delegéierten an der Entrée vum Centre culturel – do ginn d'Delegatiounen och enregistréiert.

**14.30 Auer:**

Zeremonie mat Nidderleeë vu Blumme beim „Monument aux morts“ duerch eng Delegatioun vum Zentralcomité an der lokaler Sektioun.

**15.00 Auer:**

Begréissung duerch de President vun der Sektioun Rammerech, Lucien Hoffmann.

Den Nationalpresident Jos Weirich begréisst d'Delegatiounen.

De Generalsekretär Jim Bolmer presentéiert den Aktivitéitsrapport 2005.

De Keessjee Julien Giersch presentéiert säi Finanzrapport.

Rapport vun de Keessereviseuren.

Neibestëmme vu Reviseure fir 2007.

Bestëmme vun der Uertschaft fir d'Organisatioun vum Kongress 2007.

De President mécht eng Analys iwwert déi aktuell Situatioun.

**2. Deel**

D'Presidentin, d'Madame Marie-Anne Thommes, adresséiert sech un déi uwiesend Gäscht an Delegatiounen.

D'Sekretärin, d'Madame Judith Feider, mécht ee klengen Aktivitéitsrapport.

Den zukünftegen Direkter vum „Centre de recherche et de documentation“, den Här Steve Kayser, schwätzt iwwert d'Gestaltung vum „Centre de recherche“.

Fräi Ausproooch.

Usprooch vum Buergermeeschter Toni Rodesch.

Éierewäin offréiert vun der Rammerecher Gemeng.



*D'Mäirei vu Rammerich*



# Wëllkomm!



Un alleréischter Plaz ee grousse Merci un den Zentralkomitee deen decidéiert huet, den alljeerlechen Nationalkongress vun den Enrôlés de Force an der Gemeng Rammerich ze organiséieren, an dat an Zesummenaarbecht mat der lokaler Sektioun, déi schonn zënter Joren onermiddlech aktiv ass, fir d'Undenken un hir gefale Komerode bei eiser Bevëlkerung waakreg ze halen.

Och als Gemeng hu mer d'Flicht, d'Undenken un déi Zäit net ze vergiessen, an dofir ass et fir äis eng besonnesch Éier, datt Dir Äre Kongress elo scho fir d'zweet an eiser Gemeng organiséiert.

60 Joer nom Zweete Weltkrich ass et méi wéi jee wichteg de kommende Generatiounen ze vermëttelen, wat der Jugend vun deemools ugedoe gouf. Et war mat Sécherheet e kapitaalt Verbriechen un de Jongen a Meedercher vun deemools, nämlech si ze zwéngen, an e Krich ze goen, deen net e Krich vun eisem Land war, a ganz sécher net de Krich vun der Jugend.

Vill vun hinnen hunn dee Krich net iwwerlieft, si bis haut nach ëmmer vermësst, si schwéier blesséiert heemkomm, hunn Ängschten an Entbierunge missen erliewen, déi si bis un d'Enn vun hirem Liewe begleeden. Si hunn déi schéinsten Zäit aus hirem Liewen, d'Jugendzäit, gestuel kritt.

Och mäi Papp war en Enrôlé de Force. Hien ass leider allze jonk un de Spéitfolge vum Krich gestuerwen an huet mir méi wi eng Kéier gefeelt. Dës schmäerzhaft Erfahrung huet mäi Liewe gepräägt an esou sinn ech selwer en nodréiglech Geschiedegte vum Krich. Doduerch hat ech ëmmer eng besonnesch Verbonnenheet mat den Enrôlés de Force.

Ech sinn och houfreg, drop hiweisen ze kënnen, datt an der Vergaangenheet e puer vun eise Buergermeeschteren, Schäffen a Conseilleren aus Äre Reie komm sinn, a mir hu si bis haut a gudder Erënnerung.

An nit zulescht si mir frou, datt gläich dräi Memberen aus dem neie „Comité pour le Souvenir de l'Enrôlement de Force“ vun Ueschdref kommen.

Äre Kongress gesinn ech als en Opruff zum Fridden an zur Fräiheet, géint all Form vu Krich.

Ech wënschen Iech e volle Succès!

*Rodesch Toni, Buergermeeschter vun der Gemeng Rammerich*

# Nationalkongress vun den Enrôlés de Force

D'Sektioun Rammerich vun den Enrôlés de Force huet déi grouss Éier, dëst Joer den Nationalkongress z'organiséieren.

Mer erwaarden eis Gäscht am neie Centre culturel zu Rammerich. Matten am Duerf geleeën, rollstullgerecht amenagéiert an no derbäi fannt Dir genuch Parkplazen.

Hei, léif Komerodinnen a Komeroden, wëlle mer lech begréissen a wëllkomm heeschen.

D'Sektioun Rammerich vun den Enrôlés de Force ass 1964 an d'Liewe geruff ginn. Eis Membere kommen aus 16 verschiddenen Dierfer. 1978 ass d'Gemeng Rammerich entstanen duerch d'Fusioun vun de Gemengen Ueschdref, Bungeref, Foulscht a Pärel. D'Uertschaft Rammerich hat verschidde Virdeeler, fir den Haaptuert ze ginn. Si ass zentral geleeën, hat en Notaire, Dokteren, een Apdikter, Banken, Post a verschidde Geschäfter. 1986 koum eng Gendarmeriebrigade derbäi.

Een Haaptzil no der Fusioun war de Bau vun enger Zentralschoul, déi 1986 zu Kietscht (Koetschette) realiséiert gouf, a schonn zweemol vergréissert ginn ass. Ongeféier 350 Kanner ginn do ënnerricht. D'Education précoce gouf agefouert, eng Kantin ageriicht, an eng Schwämm gebaut. D'Sportshal gëtt och vun de Veräiner benotzt an ass iwwerlaascht.

Flächemëisseg ass eis Gemeng déi zweetgréisst am Land, mat 7,909 ha. D'Gemengegrenzen hunn eng Längt vun 63 km. 42,87% vum Territoire si Bëscher. Den héichste Punkt ass beim Napoléonsgaart mat 547 m.

D'Gemeng Rammerich begräift d'Sektiounen Ueschdref (Ueschdref, Ueschdrefer Millen, Bilsdref, Misärs-haff, Wäissenhaff), Bungeref (Bungeref, Bungerefer Millen, Flatzbour, Rommelerhaff, Risenhaff), Foulscht (Foulscht, Eischt, Hueschtert, Kietscht, Rammerich, Schwiddelbruch), Pärel (Pärel, Haut-Martelange, Holtz, Maartel-Roumicht, Wolwen).

Nopeschgemengen si Bauschelt, Wal, Préizerdaul, Réiden, Ell an déi dräi belsch Gemengen Atert, Maartel a Feeteler (Fauxvillers).

No enger offizieller Zielung vun 1851 hat déi heiteg Gemeng circa 4 498 Awunner. Haut wunnen ëm di 3 654 Awunner an eiser Gemeng, dovun 1 233 Auslänner. D'Zuel vun de selbststännege Betriber, Handwierker, Geschäfter a Bauere läit bei 200 Unitéiten. Kammoud Busverbindunge benotze vill Awunner fir no Woltz, Ettelbréck, Colmar-Bierg, Bissen a Lëtzebuerg op hir Aarbecht ze kommen.

Iwwer 50 Veräiner sinn am sportlechen a kulturelle Beräich täteg. Fënnef grouss Centres culturels stinn hinnen zur Verfügung. Eis Industriezon um Risenhaff gouf vum Syndicat „de Réider Kanton“ iwwerholl an heescht elo „Zone d'activités économiques à caractère régional“.

D'Gemeng Rammerich huet déi zënter 1986 verwäiste Leekollen vu Uewermaartel un de Staat verkaaft, nodeem si als wäertvoll historisch Bausubstanz klasséiert gouf. Op Wonsch vun de Frënn vun der Leekoll soll de Site als Patrimoine culturel erhale bleiwen.

Zu Pärel huet den „385th Bomb Group" een interessante Krichsmusée ageriicht mat engem spezielle Raum fir d'Enrôlés de Force. Do sinn Dokumenter aus der fataler Zäit ausgestallt. Dernieft steet e Monument als Erënnerung un déi 18 Amerikaner, déi den 12. Juli 1944 mat hire B-17 Flying Fortress Bomber zesummegestouss sinn an no bei Pärel erofgefall sinn an hiert Liewe fir eis Fräiheet geaffert hunn.

Et géif ze wäit féieren, fir iwwer all Duerf ee Wuert ze verléieren, ernimmt sief awer nach d'Klaus vu Wolwen an d'Iwwerreschter vum Schuerelserschlass bei Eischt.

Iwwerall gouf vill geschafft a verschéinert. Et sinn elauter gefleegten Dierfer, wou et sech gutt dra liewe léisst.

Zum Ofschloss komme mer nach eng Kéier bei eis Enrôlés vu Rammerich. An dëser grousser Gemeng a ronderëm sinn eis trei Memberen doheem. An deene vergaangene Joren hu mer 36 vun eise Komeroden déi lescht Éier erwisen. Eise Komitee, dee mer 1964 bei der Grënnung vun eiser Sektioun op d'Been gesat hunn, ass nach ëmmer aktiv. Dat ass en Zeeche vun Eenegkeet a Kollegialitéit. Mer sinn all déi Jore gutt gefuer, hunn eis gutt verstanen, wéi dat sech ënnert Krichskomerode passt. Mer waren ëmmer present, wann d'Federatioun invitéiert huet. Si si gär bei eis komm, an eis Generalversammlungen, eis lokal Journée commémorative an Aweiung vu Monumenter. Mer sinn eng Amicale, eng grouss Famill, déi zesummenhält.

De Moment hu mer nach 40 Memberen an eiser Sektioun, d'Witfrae vun eise verstuerwene Komerode matgerechent.

Et geet biergof, awer mer halen d'Staang riicht. Vum neien „Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé" sinn zwee Memberen an eiser Sektioun doheem. D'Kontinuitéit ass domat garantéiert.

Mer hunn eng Missioun ze erfëllen bis zum Enn. Dat schrecklecht Verbriechen un eisem Land an de Krichsjoren däerf nit vergiess ginn. Mer mussen dem Neonazismus resolut entgéinttrieden. Esou eppes däerf et ënner kengen Ëmstänn mi ginn. Eis Fräiheet ass mat Tréinen a Blutt erkaaft ginn. Déi kommend Generatioun soll dat behäerzegen an ze erhale wëssen. Den Terror, dien d'„Jeunesse sacrifiée" vun 1942 bis 1945 erlieft huet, soll hinnen erspuert bleiwen.

D'Sektioun vun den Enrôlés de Force vu Rammerich freet sech op den Nationalkongress, de 6. Mee zu Rammerich, an heescht all Komerodinnen a Komeroden häerzlech wëllkomm.


***De Comité vun der Sektioun Rammerich:***

HOFFMANN Lucien, President,
STROTZ Jos, Vize-President,
THOMMES Raymond, Sekretär a Keessjee,
FRISING Theo,
ZIGRAND Léon,
ZIGRAND François,
UGEN Paul,
HILBERT Anna,
WEISGERBER Nelly,
MÜLLER Jean-Pierre

***Géint d'Vergiessen***

Déi gefalen a vermëssten Enrôlés de Force vun der Fusiounsgemeng Rammerich an Zuelen ausgedréckt:

| Joergank | Vun der Zwangsrekrutéierung betraff | | Zwangs-rekrutéierung | | Gefall | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Jongen | Meedercher | Jongen | Meedercher | Jongen | Meedercher |
| 1920 | 28 | 37 | 24 | 9 | 6 | – |
| 1921 | 20 | 22 | 20 | 2 | 6 | – |
| 1922 | 27 | 26 | 24 | 11 | 9 | – |
| 1923 | 28 | 30 | 26 | 5 | 6 | 1 |
| 1924 | 21 | 32 | 18 | 11 | 7 | 1 |
| 1925 | 26 | 23 | 14 | 2 | 1 | – |
| 1926 | 29 | 23 | 7 | 1 | – | – |
| 1927 | 28 | 25 | 1 | 1 | – | – |
| **Total** | **207** | **218** | **133** | **42** | **35** | **2** |




Éier hirem Undenken!

*Lucien Hoffmann, President*





# Nouvellë vum Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé

Den alljeerleche Kongress vun den Enrôlés de Force gëtt dëst Joer déi éischte Kéier an Zesummenaarbecht mat dem *Comité-Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé* organiséiert. Mir gesinn et als eng besonnesch Éier un, eise Beitrag zu der Gestaltung vun dësem Kongress kënnen ze leeschten an lech do eis Aarbecht am Déngscht vun den Enrôlés de Force virzestellen.

Wéi mëttlerweil jiddweree weess, besteet de *Comité-Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé* elo zënter bal engem Joer. Zënter senger Ernennung duerch de Staatsminister, den 21. Juli 2005, hunn déi 15 Memberen (5 Zäitzeien an 10 Memberen aus de Generatiounen nom Krich) hir Aarbecht mat vill Enthusiasmus an an engem Klima vu géigesäitegem Vertrauen a Respekt ugefong.

An enger éischter Etapp hu mir a verschiddenen Aarbechtsgruppen eis zukünfteg Aktivitéite festgehal a verdéift; d.h. mir hunn als éischt gelauschtert, wat an deene vergaangene Joren alles un Aarbecht an Engagement vun der Federatioun geleescht ginn ass. Duerno hu mir Proposen entwéckelt, fir déi Aarbecht weiderzeféieren an auszebauen.

Esou huet z.B. e Grupp ugefaang eng Rei Froen zesummenzestellen, déi am Zesummenhang mat der Zwangsrekrutéierung nach ëmmer op eng Äntwert waarden an déi als Basis kënnen dénge fir d'Projets de recherche vum zukünftege *Centre de documentation et de recherche sur l'enrôlement forcé.*

En anere Grupp beschäftegt sech méi mat der Aarbecht, déi mer verstäerkt wëllen an de Schoule maachen.

An en drëtte Grupp iwwerhëlt d'Kontakter mat deene verschiddene Ministèren, a ganz besonnesch mam Staatsministère. De Schwéierpunkt vun hirer Aarbecht läit haaptsächlech bei der Organisatioun an dem Ëmbau vun de Raimlechkeeten, an deenen de *Comité* an och de *Centre de documentation et de recherche sur l'enrôlement forcé* hire Sëtz hunn. Aner Dossieren, déi dëse Grupp an Ugréff geholl huet, sinn d'Organisatioun vum Office social an d'Publikatioun vun der Zeitung *„Les Sacrifiés"*.

Des Weideren hate mir schonn e puer ganz interessant Gespréicher mat dem zukünftegen Direkter vun dem *Centre de documentation et de recherche*, deem seng Kandidatur un de Staatsminister mir wäermstens ënnerstëtzt hunn. An dëse Gespréicher iwwer déi grouss Linne vum Programm vum Centre konnte mir äis iwwerzeegen, datt d'Cause vun den Enrôlés de Force heimat en Instrument vun onschätzbarem Wäert kritt huet, an domat déi beschte Garantie, datt dat Schrecklecht, wat si erlidden hunn, definitiv an eiser *Mémoire collective* verankert gëtt.

Esou wäit zu eiser Aarbecht, déi méi am Verbuergene stattfonnt huet. Eng Haaptaufgab vum *Comité* ass et awer och, un deene verschiddenen Zeremonien deelzehuelen, fir d'Gedenken un d'Affer vun de Krichsverbriechen an Éieren ze halen. Dat hu mer an deene vergaangene Méint mat grousse Respekt bei alle Feiere gemaach, déi esouwuel d'Regierung wéi och d'*Federatioun* fir d'60 Joer nom Krich organiséiert hunn. Och bei der Gestaltung vun esou Gedenkfeiere wäerte mer an der Zukunft ganz enk mat der *Federatioun* zesummeschaffen.



Des Weideren hu mir un enger Rei vu Generalversammlunge vun de lokale Sektiounen deelgeholl, fir do d'Aarbecht an d'Roll vum *Comité* virzestellen. Eng Fro, déi de Leit ëmmer um Häerz luch, war déi, ob de *Comité* elo d'Plaz vun der *Federatioun* iwwerhëlt, a wéi eng Roll d'lokal Sektiounen nach hunn. Hei ass et ganz wichteg kloer ze soen, datt d'*Federatioun*, an also och d'lokal Sektiounen, weider bestoe bleiwen an, wéi an der Vergaangenheet, hir Aktivitéiten weiderféieren. De *Comité* ass eenzeg den Uspriechpartner vum Staat a vertrëtt do d'Saach vun den *Enrôlés de Force*. An en ass geschafe ginn, fir och an der Zukunft sécherzestellen, datt de Sacrifice vun der geafferter Generatioun ni soll vergiess ginn. Et ass fir äis wichteg ze wëssen, datt d'*Federatioun* hir Aarbecht weiderféiert wéi bis elo. Mee do, wou mer kënnen, an do, wou et gefrot ass, si mir gäre bereet eng Hand unzepaken. Dat wäert z.B. de Fall si bei der Organisatioun vum Kongress de 6. Mee zu Rammerech.

***Marie-Anne Thommes***
***Presidentin vum CDSEF***

Fliegerschicksale in Rambrouch

# The Royal Air Forces Association, Luxembourg Branch

In Rambrouch hat der Zweite Weltkrieg eigentlich wenige Spuren hinterlassen. Größere Zerstörungen blieben der Ortschaft erspart.

Aber auf dem Friedhof neben der Kirche haben drei britische Flieger ihre letzte Ruhestätte erhalten, nämlich Sergeant F.G.H. FARRELL, Sergeant J.G. PHILLPS und Sergeant O.K. BARCLAY.

Sie waren Pilot, Navigator und Bordfunker des britischen HALIFAX Bombers W7677 des Nr. 102 Bomber Squadron, Royal Air Force, der am 8. September 1942, gegen 21 Uhr Ortszeit, vom Royal Air Force Stützpunkt Pocklington (Yorkshire) zusammen mit anderen Flugzeugen zu einem nächtlichen Bombenangriff nach Frankfurt startete.

Über dem Zielgebiet wurde ihre Maschine von der deutschen Flak getroffen und auf dem Rückflug fing der linke Außenmotor Feuer. Die Feuerlöschanlage versagte und der Brand beschädigte die linke Tragfläche so stark, dass die Maschine flugunfähig wurde und Sgt. FARRELL den Befehl zum Fallschirmabsprung gab.

Der Bomber hatte Luxemburg bereits erreicht und Flugingenieur Sergeant K.R. WHITFIELD, Bombenschütze Sergeant K.R. WRIGHT, Bordschütze Sergeant F.T. HEAP (ein Australier) und Bordschütze Sergeant J.L. GRIFFITH sprangen in der Nähe vom „Napoleonsgaart", zwischen Rambrouch und Grevels, ab.

FARRELL, PHILLIPS und BARCLAY verblieben in der brennenden Maschine, die in geringer Höhe und abenteuerlicher Schräglage Rambrouch überflog und kurz nach Mitternacht südwestlich der Ortschaft im Ort genannt „Buuscht" abstürzte und ausbrannte. Während Sgt. FARRELL tot, aber nahezu unversehrt neben dem Wrack aufgefunden wurde, konnten von Sgt. PHILLIPS und Sgt. BARCLAY nur noch die verkohlten Leichen geborgen werden.

Die drei Flieger wurden von den deutschen Besatzungstruppen mit militärischen Ehren auf dem Friedhof in Rambrouch beigesetzt.

Von den vier abgesprungenen Fliegern konnten sich Sgt. HEAP und Sgt. GRIFFITH dank großzügiger und tapferer Hilfe der belgischen und französischen Widerstandsbewegungen in Sicherheit bringen und kehrten nach anstrengenden Fußmärschen und über lange Umwege, jedoch unbehelligt, gegen Ende des Jahres 1942 nach England zurück.

Weniger Glück hatten Sgt. WRIGHT und Sgt. WHITFIELD. Sie wurden von den Besatzungstruppen gestellt und kamen in Kriegsgefangenschaft. Am 5. März 1945 verstarb Sgt. WHITFLIED im Kriegsgefangenenlager in Bad Sulza. Durch Ruhr und Hunger geschwächt erlag er einer Lungenentzündung. Sgt. WRIGHT überlebte die lange Gefangenschaft und kehrte nach der Befreiung in seine Heimat zurück.

Die flache Grabstätte, eine „concession à perpétuité", mit den drei typischen weißen Kalksteinen, die die Namen der Flieger und das Motto der Royal Air Force „PER ARDUA AD ASTRA" aufweisen und die schon über Jahrzehnte von Madame FASBINDER-NILLES aus Koetschette gepflegt wird, kann man auf dem Friedhof in Rambrouch besuchen.

Auf dem Platz vor dem Gemeindehaus erinnert auch eine schlichte Gedenkstätte an den Bomberabsturz vom 9. September 1942.

Allerdings sollten die drei Royal-Air-Force-Flieger nicht die einzigen sein, die im Kampf für die Befreiung ihr Leben in Rambrouch verloren.

Am 10. September 1944 herrschten Freude und Hoffnung in Rambrouch über die unmittelbar bevorstehende Befreiung durch die amerikanischen Truppen. Diese Freude sollte jedoch noch am selben Tag durch ein tragisches Ereignis getrübt werden.

Gegen 1 Uhr nachmittags näherten sich aus östlicher Richtung vier amerikanische Jabos von Typ P47 THUNDERBOLT. Eine dieser Maschinen hatte einen größeren Motorschaden und qualmte, doch der Pilot sprang nicht mit dem Fallschirm ab, sondern versuchte eine Notlandung unmittelbar neben der Straße von Rambrouch nach Roodt.

Die Notlandung misslang, die P47 wurde durch eine kleine Erhebung und eine Hecke neben einem Feldweg ausgehoben und überschlug sich mehrmals.

Der Pilot wurde mit großer Wucht aus dem Cockpit geschleudert und wurde tot neben seiner total zerstörten Maschine von dem sofort herbeigeeilten Martin SCHEECK aufgefunden.

Die Leiche des Fliegers wurde vom Dorfschreiner eingesargt, und der Sarg wurde von den eintreffenden Befreiungstruppen abtransportiert.

Über 60 Jahre lang war nicht bekannt, wer der unglückliche P47-Pilot war und zu welcher Einheit er gehört hatte.

Dank mühseliger und äußerst sorgfältiger Nachforschungen gelang es John DERNEDEN, selbst Berufssoldat in der Luxemburger Armee und Buchautor über Flugzeugabstürze in Luxemburg während des Zweiten Weltkrieges, das Geheimnis zu lüften.

Die verunglückte P47 gehörte zum 78th Fighter Group, 84th Fighter Squadron, US Air Force und wurde von Lt. Charles E. PARMELEE geflogen. Die Einheit war in Duxford (Cambridgeshire) stationiert.

Lt. PARMELEE war an diesem 9. September 1944 mit seinen Kameraden gestartet, um Gelegenheitsziele im Raum Aschaffenburg zu bekämpfen. Beim Überfliegen des Rheines bei Bingen erhielt die Gruppe heftigen Flakbeschuss. Mehrere Maschinen wurden getroffen, und die Gruppe brach den Feindflug ab.

Piloten in unversehrten Maschinen eskortierten die getroffenen Flugzeuge des Staffelkameraden.

In Rambrouch konnte Lt. PARMELEE seine P47, die einen direkten Treffer in den Motor erhalten hatte, nicht mehr in der Luft halten und musste sich zwischen Absprung und Notlandung entscheiden.

Er entschied sich für die Notlandung, die ihm zum Verhängnis werden sollte.

Lt. PARMELEE liegt heute auf dem Ehrenfriedhof von Arlington in Wa-shington begraben, aber eine feierlich im Oktober letzten Jahres enthüllte Gedenktafel neben dem Gemeindehaus, unmittelbar neben dem Gedenkstein der 26th Infantry Division (Yankee Division), erinnert an den US-Air Force-Piloten, der am 10 September 1994 versuchte, seine P47 in Rambrouch notzulanden.

*Quellennachweis: Verschiedene Veröffentlichungen von John DERNEDEN (GREG), Daniel DIENHARD (Royal Air Forces Association), Jean MILMEISTER (CEBA).*

*The Royal Air Forces Association*
*Luxembourg Branch*
*Léon RASQUE,*
*local liaison officer*

---

Perlé

# Museum 385th Bomb Group


Perlé, 21. Juni 1998. Ein Monument zum Andenken an 18 Amerikaner wurde feierlich eingeweiht. Sie waren am 12. Juli 1944 bei einem Flugzeugabsturz über Perlé und Wolwelingen ums Leben gekommen.

Eine Ausstellung mit Dokumenten und Photos sollte dieses tragische Ereignis festhalten. Die Ausstellung sollte anfänglich im Gebäude der Feuerwehr untergebracht werden. Nach und nach tauchte immer mehr Ausstellungsmaterial auf. Photos von Opfern wurden aus Amerika von Familienangehörigen geschickt, Wrackteile der zwei Flugzeuge wurden gefunden, sogar Kleidungsstücke kamen zum Vorschein.


Durch Kontakte, die mit Freunden der Verunglückten des 385th Bomb Group entstanden waren, wuchs die Zahl der Ausstellungsstücke.

Mittlerweile standen einige Räume im Schulhaus leer. Auf Anraten des damaligen Bürgermeisters Ferdinand Unsen wurden sie als Ausstellungsräume hergerichtet. Nachdem eines der größten Feste, das je in Perlé stattgefunden hatte vorüber war, stellte sich die Frage, wohin mit all dem Material.

Und wieder war es Ferdinand Unsen, der die Idee hatte, ein Museum in Perlé einzurichten. Nun wurde eifrig weitergesammelt und bald schon wa-








ren die Räume zu klein, um das gesammte Material auszustellen.

Da das alte Schulgebäude sowieso umgebaut wurde, beschloss man auch, neuen Raum für das Museum zu schaffen. Die Mitglieder der „Friends of the 385th BG" hatten inzwischen beste Kontakte zu Amerika hergestellt.

Die Gebrüder Maurice und Eldon Nysether waren die eifrigsten Sammler. Maurice war Bombardier und Augenzeuge des tragischen Unfalls vom 12. Juli 1944.

Inzwischen waren einige sehr wertvolle Stücke angeschafft worden: eine 40 mm Flugabwehrkanone (Bofors), ein Harley-Davidson-Motorrad, Baujahr 1942, und noch viele andere hier nicht aufgezählte Teile.

Die größte Spende aber kam am 12. Dezember 2000 aus Amerika. Ein Container, prallgefüllt mit Ausstellungsmaterial erreichte Perlé. Maurice und Eldon Nysether hatten gute Arbeit geleistet. Dank der Mithilfe von Carlo Goudembourg und Constant Gratia aus Perlé konnten wir alles unbeschädigt ausladen und bis zur Fertigstellung des neuen Museums bei letzterem unterstellen.

Zu den interessantesten Schaustücken gehören drei Flugzeugmotoren, zwei Jeeps, Baujahr 1942, Ersatzteile sowie Propeller und Uniformteile.

Damit nicht genug. Das Sammlerfieber hatte die Nysethers gepackt, und als wir im April 2001 auf Besuch in Amerika weilten, wurden weitere sehr seltene Einzelteile an Bürgermeister Ferdinand Unsen überreicht, u.a. ein „Norden Bombsight", ein äußerst seltenes Gerät.

Davon gab es nur noch drei Exemplare in Amerika. Eines wird nun im neuen Museum in Perlé zu sehen sein.

Der „Norden Bombsight" (ein Zielgerät) wurde vom Bombardier benutzt, um das Flugzeug genau über das vorgesehene Ziel zu steuern und dann den Bombenabwurf auszulösen.

Dieses Zielgerät wurde auch benutzt, um die beiden Atombomben über Japan abzuwerfen. Es wurde von Carl L. Norden, einem Zivilisten, für die US Navy entwickelt und gebaut. Es zählte zu den meistgehütesten Geheimnissen des Zweiten Weltkrieges.

Ein Raum des Museums wurde für die Zwangsrekrutierten eingerichtet.

Perlé verlor 13 junge Leute während des letzten Weltkrieges.

Mit Hilfe der Betroffenen und dem Material, das gespendet wurde, konnte eine schöne Sammlung ausgestellt werden.

Sie soll uns daran erinnern, was diese jungen Leute damals erlebt haben. Fotos und persönliche Gegenstände, die im Museum zu sehen sind werden für immer an diese schreckliche Zeit erinnern.

Wir danken allen, die bei der Zusammenstellung des Museums geholfen haben.

*Roger Feller*
*Romain Hoffmann*

*Photos: Romain Hoffmann, 385th Bomb Group Memorial Museum*



„Dir sidd net ëmsoss gestuerwen..."

# Erënnerung un d'SS-Massaker vu Sonnenburg / Slonsk virun 61 Joer

## Um Kanounenhiwwel an an der Kathedral ass un déi 91 Lëtzebuerger Affer geduecht ginn

D'Amerikaner ware scho méi wéi véier Méint heiheem an haten de Lëtzebuerger d'Fräiheet erëmbruecht. De Rundstedt huet schonn iwwer zwou Woche laang aus dem leschte Lach gepaff, an et huet just nach dräi Méint gedauert, bis zu Berlin den Hitler Selbstmord gemaach huet an domat d'Häll vum Zweete Weltkrich an d'Verbriecherwelt vun den Nazie praktesch um Enn waren, dunn hunn zu Sonnenburg nach missen 819 Mënsche matenee stierwen, ënner hinne wéinstens 91 Lëtzebuerger Jongen, Refractairë vun der Wehrmacht.

„Si goufen ouni Erbaarme brutal higeriicht vun engem SS-Kommando vu Frankfurt/Oder. A si hätte grad esou gär gelieft an de Krich an d'Nazien iwwerlieft wéi mir all", sot de Chanoine André Heiderscheid bei senger Meditatioun an a sengem Gebiet am Nomëtteg an der Krypta vun der Kathedral, wéi sech d'Lëtzebuerger Krichsaferorganisatiounen offiziell un déi 91 Lëtzebuerger erënnert hunn, déi dunn virun 61 Joer an den Owesstonne vum 30. Januar 1945 zu Sonnenburg/ Slonsk op eng onmënschlech Aart a Weis hiert Liewen hu misse loossen.

„Den 8. Februar 1944 schonn hat de Gauleiter hiert Doudesuerteel gesprach an ënnerschriwwen", huet den André Heiderscheid betount. A sengem Bréif un de Generaloberst Fromm, de Chef vum däitschen Ersatzheer, huet et deemools zum Schluss geheescht: „Abschließend fasse ich meine Auffassung zusammen, dass kein Fahnenflüchtiger aus dem CdZ-Bereich Luxemburg diesen Krieg überleben darf."

„Viru bal eelef Joer", sou den André Heiderscheid weider, „wéi mer dohannen zu Slonsk d'Éierepaart vun



*Während der Zeremonie an der Krypta vun der Kathedral goufen 91 Käerze fir déi 91 Affer vu Sonnenburg gebrannt. (Foto: A. Antony)*


hirem Kierfecht ageweit hunn, hunn ech an der Usprooch an der Kierch festgehalen:„Dëse Buedem zu Slonsk ass mat Lëtzebuerger Blutt, mam Blutt vun 91 eiser Beschter an Daperster gedränkt, déi hei fir hir Iwwerzeegung, fir hir Heemecht, fir hir Familljen a fir äis alleguer hannerhälteg massakréiert goufen. Duerfir ass a bleift dëse Buedem äis Lëtzebuerger fir ëmmer helleg.“ Zum Schluss huet de Chanoine André Heiderscheid declaréiert: „Duerfir, léif Sonnenburger Frënn an der Éiwegkeet, soe mer lech net nëmme merci fir Äert Beispill, fir Är Trei; mir bieden och zu lech am Haus vum Herrgott, wou Der elo esou laang scho sidd: Vergiesst Är al Komeroden net! Vergiesst Är Famill-jen net! Vergiesst eis Lëtzebuerger Heemecht net!“

Wéi all Joer haten sech virun der Zeremonie an der Krypta vun der Kathedral d'Komeroden um Kanounenhiwwel afonnt, fir deenen 91 Lëtzebuerger ze gedenken, déi am Januar 1945 zu Sonnenburg ëmbruecht goufen. A Presenz vum Stater Buergermeeschter Paul Helminger, de Fuendeldréier, dem Guy de Muyser, President vum „Mémorial de la Déportation“, a Familljemembere vun den deemools Ermuertenen, hunn de Chamberpresident Lucien Weiler, de Jos Weirich, President vun den Zwangsrekrutéiert, an d'Marie-Anne Thommes, Presidentin vum „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé“ eng Gerbe virum Monument vun der Nationaler Solidaritéit néiergeluecht, während de Clairon d'honneur Edmond Faber „Doheem“ vum Josy Zinnen gespillt huet. No der „Sonnerie aux Morts“ ass d'Gedenkzeremonie an der Krypta vun der Kathedral weidergaang. 91 Käerzen hunn un déi 91 Affer vun deemools erënnert. A senger Usprooch huet de Jim Bolmer, Generalsekretär vun der Zwangsrekrutéiertefederatioun, nach eng Kéier un de Calvaire vun deenen 91 Lëtzebuerger Jongen zu Sonnenburg erënnert, iert d'Feier mam Weise vun engem Film iwwer Sonnenburg, enger Gedenkminutt an am Gebiet zu Enn gaang ass.

*Jean-Paul Schneider*

---

# Dem „Bunkerpapp“ Jos. Nickels aus Kaundorf zum Gedenken



Einmal muss er ans Tageslicht, der Lebenslauf eines bescheidenen, schweigsamen Resistenzlers und Patrioten aus dem Zweiten Weltkrieg.

Jos. Nickels erblickte am 30. Mai 1911 in Kaundorf in einer kinderreichen und tiefkatholischen Familie das Licht der Welt. Der Vater war Wagener und Landwirt. Nach seiner Schulzeit arbeitete er im elterlichen Bauernbetrieb und vermählte sich 1938 mit Nathalie Jans aus Kaundorf. Aus dieser Ehe ging Tochter Marianne hervor. Im Jahr 1956 erlitt er zwei Schicksalsschläge: zuerst eine böse Verletzung an der rechten Hand, und einige Monate später verlor er seine Ehefrau Nathalie durch einen tragischen Unfall auf dem Feld. Zehn Jahre später heiratete er Anna Thill, ebenfalls aus Kaundorf. Dem Ehepaar wurde Tochter Josette geboren.

Schon 1941 wurde Jos. Nickels in der Resistenzlerorganisation LVL aktiv und versteckte Franz und Henri Feith, Fernand Thill aus Kaundorf und Aloyse Weber aus Harlingen in seinem Wohnhaus.

Wie im ganzen Land hatten Resistenzler auch in Kaundorf unterirdische Bunker gebaut. Im Raum Kaundorf waren es fünf Bunker, die alle besetzt und als Ausweichbunker gedacht waren. Es waren dies im „Epenechen“ am „aale Wee“, im „Përmesbösch“ beim „Viichte Bösch“ und in der „Rundschelt“, den Jos. Nickels geplant und mitgebaut hatte. Bezogen wurde dieser Bunker Pfingsten 1944, nachdem die vier Refraktäre seit dem 23. November 1943 in Baumholder aus der Kaserne geflüchtet waren. Für die Verpflegung der „Jongen“ war Theodor Lorang, Landwirt aus Kaundorf, zuständig.

Dann kam die Rundstedt-Offensive und Jos. Nickels flüchtete mit den „Jongen“ nach Arsdorf, doch die Deutschen rückten nach und sie zogen weiter südlich nach Roodt und Ell. Sie kehrten am 10. Januar 1945 nach langen Entbehrungen nach Kaundorf zurück, und ein neues Leben begann. Trotz seines reich ausgefüllten Lebens zeigte „Pörmes Jos“ viel Interesse am Dorfleben. Gerne las und durchstöberte er alte Dorfchroniken. Zehn Jahre lang war er Präsident des Syndicat d'Initiative Kaundorf, zugleich Kommandant der Feuerwehr sowie Vorsteher vom Pirminusverein Kaundorf.

Jos Nickels starb am 21. Februar 2005 im Altenheim in Wiltz. Seine Ehefrau war ihm am 29. Januar 2004 vorausgegangen. Jetzt ruhen beide im Schatten der Pfarrkirche. In der Person von Jos. Nickels verlor das Dorf einen bescheidenen, arbeitsamen und hilfsbereiten Mitmenschen. In der Jahresmesse in Kaundorf werden wir für sie beten.

*Dein Neffe Tony aus Schieren*



***Anmerkung der Redaktion***

Jos. Nickels war zeitlebens ein bescheidener Mensch, der nicht viel Aufhebens machte mit seinen Verdiensten bei den Zwangsrekrutierten, er beteuerte, dass er es nicht anders mit seinem Gewissen hätte vereinbaren können. Ich hatte die Gelegenheit, mich mit einem der Bunkerinsassen unterhalten zu können. Aus seinem Bericht in „Les Sacrifiés“ 4/2000 seien diese **Zeilen von Aloyse Weber** besonders hervorzustreichen: *Mel*

...

Auf Anordnung von Nic Peiffer (Chef der lokalen Resistenz) sollten wir nach Belgien zur „armée blanche“ übersiedeln.

Provisorisch wurden wir aber von Jos und Thalie Nickels-Jans und von Tit und Lis Lorang-Kler aufgenommen.

Dies waren Zwillingshäuser, verbunden durch die Scheune.

Nach reiflicher Überlegung beider Familien sollten wir uns aber so schnell nicht trennen. Wir wurden im Dachgeschoss komfortabel eingenistet. Ein Bunker unter dem Heuschober wurde ausgehoben, mit einem Ausgang zum Garten und einem Eingang durch einen ungenützten Kamin, getarnt durch eine Schusterbank.

Das berühmte Glückskleeblatt wäre nicht vollkommen gewesen, hätten nicht Kollege Ferd Thill (Neffe von Thalie), abgehauen, und François Feidt, bis dahin auf Origer-Hof versteckt, unsere Mannschaft verstärkt.

Dass wir uns nützlich machten im Haus – Stall und Scheune – versteht sich von selbst. So hatten wir am Allerseelentag 1943 bei Daubach Misch ein Schwein von zirka 160 kg geschlachtet. Es geschah, während die Glocken die Gläubigen zum Kirchgang aufforderten. Es sollte alles normal verlaufen, wenn nicht das Schwein aufgeschrien hätte und das Todesmesser in der Kehle stecken geblieben wäre.

Nach Heraussprung griff Heng anstatt den Schaft in die scharfe Klinge und verwundete sich an drei Fingern, wovon einer auf Lebensdauer krumm bleiben sollte. Zum Krankenpfleger wurde seine älteste Schwester Margerit (ahnungslos von unserem Versteck) und meine Wenigkeit. Wir badeten, salbten und banden Stäbchen entlang und es heilte. Für meinen Teil beschäftigte ich mich mit Nähen für Thalie sowie für die Kinder von Lorang. Als angehender Schneider war dies ja normal. Die gedampften Kartoffeln zum Abendessen, das stand auch mir zu, wenn Thalie zum Felde musste.


Für den Stall waren Heng und Ferd zuständig, auch sie halfen dem Max (Pferd so um die 20 Jahre), seine müden Glieder mit Kettenzug zum Aufstehen zu kriegen.

Das Branntweinbrennen war die Spezialität von Henry, dank seiner Brüder Nic und Fons, die einen Kessel nebst Abkühlschlange anfertigten. Mit einem kleinen Anbrenngeschmack brachten wir ein Körnchen zustande, das sogar die Großmutter während unseres Kartenspiels nicht verschmähte. Für Bomy ein Zeitvertrieb, für uns manchmal peinlich. An Tabakmangel litten wir nicht, mit einem Lieferanten wie Clarens aus Wiltz (Arbeitsplatz von Jos), unserem Wohltäter, mit Ausnahme von Karfreitag (Tag ohne Tabak), wo Heusamen geraucht wurde.

Die zwei Bunker im Walde gebaut (wovon einer vom Staat unter Denkmalschutz steht) waren zeitweilige Aufenthalte und sollten als Fluchtversteck dienen, so wie es ausgezeichnet für unseren Kräfteaufwand war.

Die Befreiung war für uns alle der schönste Tag unseres Lebens.

---



***Oktavmass vun den Enrôlés de Force***

Déi traditionell Mass fir déi gefalen, vermësste an allze fréi verstuerwen Zwangsrekrutéiert ass en

Donneschdeg, den 11. Mee 2006, ëm 11.15 Auer.

Wéinst dem aussergewéinlech groussen Undrang bedauert de Federatiounskomitee de Pilger-Cortège missen ofzeschafen.

Rendez-vous vun de Fuendelsdréier an der Entrée vun der Kathedral. Si ginn ëm 11 Auer geschlossen op hir reservéiert Plazen.

Zwangsrekrutiertensektion Düdelingen

# Regionalmuseum noch immer sinnvoll

## Geschaffen für Wahrheit und gegen das Vergessen

„Keinesfalls dürfen die Opfer des Zweiten Weltkrieges in Vergessenheit geraten. Auch in Düdelingen gedenke man immer jener Kameraden und Kameradinnen, die die schreckliche Zeit nicht überlebt haben. Dieser Vorstand lässt das Andenken an die Verstorbenen weiterleben.“, so Landespräsident Jos Weyrich vor kurzem bei seiner Begrüßungsansprache zur 61. Generalversammlung der Zwangsrekrutiertensektion Düdelingen, deren Vorsitzender er gleichzeitig ist.

Zu Beginn seines Aktivitätsberichtes bat Sekretär Jos Benoit um eine Schweigeminute für die neun Mitglieder, die, im Beisein der Sektionsfahne, im letzten Jahr zu Grabe getragen wurden. Benoit befasste sich weiter mit dem 30. Januar 2005, dem 60. Jahrestag der Ermordung von 91 Luxemburgern in Slonsk.

### Oktavmesse, Kongress und Kommemorationstag

Weitere Termine waren die Oktavmesse der Zwangsrekrutierten, die Teilnahme an der Schlussprozession, der Nationalkongress am 21. Mai in Moutfort, der Kommemorationstag am 11. September in der Hauptstadt sowie auf Lokalebene die nationale Erinnerungsfeier mit den Düdelinger Gemeindeautoritäten am Gefallenendenkmal oder die Gedenkfeier am zweiten Weihnachtsfeiertag für alle Düdelinger, die Opfer des Naziregimes wurden.

Ein weiterer Höhepunkt war das Regionalmuseum der Zwangsrekrutierten in Düdelingen, das am 21. Oktober 2004 offiziell eingeweiht wurde und einzigartig in der Großregion ist.

Besonders hob der Sekretär dessen behindertengerechte Gestaltung hervor. Das Museum sei da, der Wahrheit und den Werten treu zu bleiben, die Luxemburg in der Vergangenheit geprägt haben. Wahrheit bedeute gleichzeitig Verantwortung für die Zukunft. Unter den 1 406 Besuchern, die 2005 das Museum besuchten, kamen viele aus der Grenzregion.

In seiner Eigenschaft als Nationalpräsident sprach Jos Weyrich der Regierung seinen Dank aus für die Schaffung des „Comité Directeur du Souvenir de l'Enrôlement Forcé“. Ebenso zeigte er sich erfreut über den im Regierungsrat gefassten Beschluss, bei dem Geschichtsprofessor Steve Kayser als Direktor des „Centre de documentation et de recherche sur l'enrôlement forcé“ nominiert wurde. Es gelte, noch so manche Nachforschungen zu machen, vor allem in Großbritannien und den USA, von wo man sehr wenig wisse.

Es sei deshalb von äußerster Wichtigkeit, der Jugend die Geschehnisse von damals unverfälscht zu vermitteln.

Grundfalsch sei es zu behaupten, die Jugend zeige generell kein Interesse an der Vergangenheit. (GF)

# Aus de Sektiounen

## Amicale des Enrôlés de Force Section Wiltz

Adresse: Boîte postale n° 8
L–9501 Wiltz
Tel.: 95 06 70
Fax: 95 78 06

No eiser leschter Comités-Sitzung no der Generalversammlung, déi mir am November d'letzt Joer oafgehalen hoan, hoa mir eise Comité ewéi folgend zesoamegestallt:

Presidentin: Madame Gilson-Clees Anne-Marie | Sekretär: M. Weber Vic. | Sekretärin adj.: Mme Berg-Berchem Renée

Keessjär: Mme Even-Terren Martha | Keessjee adj.: M. Even Rob | Moamberen: Mme Duhautpas Gaby, M. Hengesch Norbert, Mr Leisen Fernand, M. Thillens Jang

## Sektioun BÉIGEN bei Cliärref

D'Journée commémorative mat Generalversammlung ass dëst Joer den 12. Februar zu Houffelt ofgehale ginn.

Eng feierlech Houmass an der Kierch zu Houffelt, zelebréiert vum Abbé Deischter Bertrand, huet d'Feier agelaut. A senger Homelie huet hien higewisen op déi schrecklech Joren, déi besonnesch den Norde vum Land getraff haten. Déi feierlech Mass ass encadréiert gi vum Kierchegesank.

Duerno gouf den Aperitif am Barteshaus zerwéiert, duerno d'Mëttegiessen, dat dem Haus all Éier gemat huet.

Uschléissend war dunn de Réckbléck op dat vergaangent Joer, wou d'Sektioun bei munche Gedenkfeiere gutt vertruede war, ënner anerem zu Wëntger (60-Joer-Feier vum Zesummebroch vun der Rundstedt-Offensiv) an der Oktavmass den 21. Abréll 2005, Gedenkfeier beim GI-Denkmol zu Cliärref, um Kongress zu Mutfert, Ausgang Mee 2005 bei der „Course cycliste de la voie de la liberté“ zu Wëntger, an den 12. November bei der „Commémoration du Calvaire de la Jeunesse sacrifiée luxembourgeoise“ an der Häerz-Jesu-Kierch op der Gare, duerno um Kanounenhiwwel, d'Mëttegiesse war am Park Hotel zu Dummeldeng.

De Keessebericht ass vun de Revisoren net ze beanstande gewiescht, sou dass Keessjee a Comité Entlaaschtung kruten. An nun an dat nächst Joer.

*Mel*



# Vœux de Nouvel An

## Amicale des Enrôlés de Force Section Ettelbruck – Erpeldange – Feulen

Bissen Aloyse et Mme, Vichten
Bisdorff-Albert Irène, Ettelbruck
Buchler-Hansen Alice, Ettelbruck
Burg-Kraus Erwin et Mme, Ettelbruck
Christnach Germaine, Ettelbruck
Diederich-Legrand Jean et Mme, Ettelbruck
Dondelinger Will et Mme, Ettelbruck
Eydt Léon et Mme, Vianden
Flammang-Reiser Marguerite, Niederfeelen
Franck-Wagner Barbe, Ettelbruck
Gillen-Manuelli Mme et fils, Ingeldorf
Gaasch Nicolas et Mme, Luxembourg
Gruber Emile et Mme, Lintgen
Hirt Jean-Pierre, Waarken
Hilbert Erny et Mme, Diekirch
Hirt-Conrad Irène, Ettelbruck
Hess-Britz Elise, Ettelbruck
Hommel André et Mme, Bissen
Juncker-Goergen Berthe Mme, Ettelbruck
Koob-Gary Mme, Bourscheid
Lanners-Bertemes Mme, Ettelbruck
Lanners René et Mme, Ettelbruck
Leiner Ed et Mme, Erpeldange
Lutgen Henri, Ettelbruck
Melsen-Even Pierre et Mme, Niederfeulen
Mergen Camille, Niederfeulen
Meyer Emile et Mme, Ettelbruck
Nicolay Paul et Mme et fils, Ettelbruck
Origer Jean-Pierre, Mersch
Penning Roger et Mme, Ettelbruck
Posing-Peters Jeanny Mme, Ettelbruck
Reeff Maria, Ettelbruck
Ripp-Molitor Hortense Mme, Ettelbruck
Rosenfeld Paul et Mme, Bourscheid
Rock Roger et Mme, Bonnevoie
Reef-Falz Margot Mme, Erpeldange
Schauls Marcel, Ettelbruck
Schmit Jacques et Mme, Ettelbruck
Schanck Pierre et Mme, Ettelbruck
Thill Camille, Tétange
Wagner-Rodenbour Mme, Oberfeulen

## Section Groussbous

soll heißen:
KAPP-MERGEN Mme, Platen
SCHRENGER Paul et Mme, Reimberg

## Section Hesperange

WESTER Michel et Mme, Itzig
ZAKREWSKI Joseph, Hesperange
GOUBER-WIRTZ Monique, Alzingen
GLAESENER-LEYTEM Julien et Mme, Remich
SCHON José et Mme, Itzig
PARMENTIER Erwin et Mme, Hesperange

## Section Hollerich-Gare


EMERING Cécile Mme, Grevenmacher
GOETZINGER Hélène Mme, Berchem
HIPP Albert, Differdange
STRAUS Pierre, Koerich


## Section Luxembourg

EBERHARD Andrée Mme, Luxembourg
ENGLEBERT René et Mme, Luxembourg
GRINGOR Erny et Mme, Bereldange
SCHIMBERG Jean et Mme, Limpach

### *Enrôlés de Force, Sektioun Norden Cliärref zesumme mam Comité central*

E Sonndeg, de 14. Mee 2006 ass d'Gedenkzeremonie géint 16 Auer no der Muttergottesprëssësioun zu Cliärref beim GI-Denkmol, organiséiert vun der Sektioun Norden Cliärref mam Comité national vun der Federatioun.





**D'Komerode vun der Liberatioun aus russescher Gefaangeschaft de 7. Dezember 1945**

traueren ëm e gudde Komerod a Mataarbechter, dee vill derzou bäigedroen huet, dass mir äis no 50 Joer erëm konnte gesinn, den

**SCHINTGEN Théid**

Mir denken nach dack un den Théid a wäerten hien och net vergiessen.

**D'Sektioun Walfer**
***vun den Enrôlés de Force***

gedenken hire Verstuerwene vum Joer 2005. Et sinn dat:

BUCK Josy
JACOBY Aloyse
PILGER Aimé
BASSING Norbert
PLEGER-GASPAR Alice

Mir wäerte si ëmmer a gudder Erënnerung behalen.

An der Annonce vun N° 1/2006 ass en Drockfehler ënnerlaf:

D'Sektioun Simmer trauert ëm de Camille NOESEN an net Camille Noessen, wéi iertëmlech gedréckt gouf. Excusez s.v.p.

*D'Redaktioun*

**7. April 1946**

# Commemorationstag der Zwangsrekrutierten der Gemeinde Steinsel

## Vor 60 Jahren kehrte der letzte der Steinseler „Jongen" nach Hause zurück.

Die Gedenkfeier begann mit einem Gedenkgottesdienst in der Pfarrkirche in Steinsel. Zur Einführung in den Gottesdienst wurde das „Gefangenenchor aus Nabucco" von Edmond Faber auf der Trompete vorgetragen, in Begleitung der Orgel mit dem Organisten Jean Schmit, gleichzeitig Dirigent der „Chorale Ste-Cécile" aus Steinsel. Pfarrer Georges Hoffmann erinnerte an die schweren Jahre, die so manchem Jungen frühzeitig den Tod brachten, und vielen anderen Wunden, die so leicht nicht vernarben sollten. Der Gottesdienst wurde verschönert durch die „Chorale Ste Cécile" Steinsel, und Einlagen, vorgetragen von Edmond Faber. Nach der kirchlichen Feier wurden Blumen niedergelegt beim Monument-aux-Morts durch Vertreter der Zwangsrekrutierten und der Gemeindeverwaltung.

Anschließend trafen sich die Teilnehmer zum Aperitif in der „Steseler Stuff".

Nach dem gemeinsamen Mittagessen daselbst, war dann Rendez-Vous zur Jahresgeneralversammlung.

Präsident Norbert Melcher konnte begrüßen Député-Maire Jempi Klein, in Begleitung vieler Gemeinderatsmitglieder, etliche mussten sich entschuldigen durch Doppelbelastung an diesem Tage: desweiteren Marc Mathekowitsch, Vize-Präsident des Comité-Directeur du Souvenir de l'Enrôlement Forcé, sowie viele Mitglieder, Hinterbliebene und jüngere Sympathisanten. Eine Gedenkminute galt den verstorbenen Mitgliedern BIX Paul, BAUSCH Henri, Mme KIMMES-HANSEN und Mme SCHMIT-HUSTING, sowie den früheren Sektionskameraden BERSCHEID Henri und HÜBER Jos.

Der Tätigkeitsbericht umfasst die Beteiligungen bei allen lokalen und nationalen Gedenkfeiern. Desweiteren gab der Präsident einen Bericht über den Punkt: "Square de la Résistance et de la Jeunesse Sacrifiée". Hier bleibt insbesondere den Standort zu klären.

Der Kassenbericht vorgetragen von Liliane Colling-Schenten wurde von den Kassenrevisoren positiv begutachtet, womit Kassiererin und Vorstand Entlastung erhielten. Kassenrevisoren für das nächste Jahr sind Ecker Pierre und Wies Fernand.

Bürgermeister Jempi Klein beglückwünschte die Sektion für ihren Einsatz, die bittere Vergangenheit nicht in Vergessenheit fallen zu lassen. Er erläuterte ebenfalls die Stolpersteine „Standort", und schlug vor diesen Platz innerhalb des Schulkomplexes zu realisieren, da bei diesem Mahnmal die Jugend angesprochen werden soll, was ja der Grundgedanke der Autoren bezweckt. Schöffe Fernand Wies zeigte darauf hin, dass ja gerade jetzt im Cours laïque der Präsident der Sektion als Zeitzeuge die 5. und 6. Klasse über das Leiden der Bevölkerung im letzten Weltkrieg informieren kann. Es ist dies die beste Gelegenheit die Jugend aufzuklären. Sogar Inspektorin Mme Arlette De Bourcy-Lommel möchte die Gelegenheit zu einem doppelten Besuch nutzen. Marc Mathekowitsch, Vize-Präsident des neugeschaffenen „Comité Directeur du Souvenir de l'Enrôlement Forcé" benutzte die Gelegenheit. Aufklärung über das neue Gremium zu geben. Alles steht erst am Anfang, aber in acht Monaten wurde vieles in die Wege geleitet. Er betonte, dass der neue „Comité-Directeur" nicht im Gegensatz steht zum Zentralvorstand, sondern gemeinsam soll der Übergang eingeleitet werden, zum Wohl aller Zwangsrekrutierten. Er sei froh, in der Sektion mitarbeiten zu können, da hier der Anfang seiner Tätigkeit im Comité-Directeur zu finden ist.

Es war ein würdiger Gedenktag der Sektion, mögen weitere folgen.

*Cher*



*D'PIETA an der Kräizkapell, gestëft vum Marthy PUTZ, Gréiwemaacher.*

***„Esou laang, wéi d'Maacher Mauere stinn, esou laang wéi ëm de Kräizerberreg d'Riewe bléin, wäerte mir eis Komeroden net vergiessen an trei zu éiser Heemechtsstad ston."***

Dat Verspriechе vun „Ons Jongen" war de Grondstee vun enger Zeremonie an Traditioun um Kräizerberreg, dat och dëst Joer den 9. Juli 2006 vun der Sektioun Maacher agehale gëtt.



# Agenda

| | | |
|---|---|---|
| *6. Mee* | *2006* | Kongress vun der Federatioun, organiséiert vun der Sektioun Rammerech am Festsall zu Rammerech |
| *11. Mee* | *2006* | 11.15 Auer Oktavmass vun den Enrôlés de Force an der Kathedral |
| *14. Mee* | *2006* | No der Muttergottesprëssioun géint 16 Auer ass zu Cliärref beim GI-Denkmol eng Gedenkzeremonie duerch d'Federatioun an d'Sektioun Enrôlés de Force Nord-Cliärref |
| *21. Mee* | *2006* | Schlussprëssioun vun der Oktav an der Stad |
| *9. Juli* | *2006* | Gedenken un déi gefale Maacher Jongen an der Kräizkapell, um 10 Auer. Duerno en „Acte commémoratif" am Festsall vun der Kellerei Vinsmoselle zu Gréiwemaacher |
| *24. September* | *2006* | Journée commémorative an der Stad, 16 Auer an der Kathedral, duerno Blummennidderleeën um Kanounenhiwwel. |

# Sommaire


Nationalkongress vun der „Fédération des Enrôlés de Force" .... 2
Wëllkomm! .... 3
Nationalkongress vun den Enrôlés de Force .... 3
Nouvellë vum Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé .... 5
The Royal Air Forces Association, Luxembourg Branch .... 6
Museum 385th Bomb Group .... 7
Erënnerung un d'SS-Massaker vu Sonnenburg/Slonsk virun 61 Joer .... 9
Dem „Bunkerpapp" Jos. Nickels aus Kaundorf zum Gedenken .... 10
Regionalmuseum noch immer sinnvoll .... 12
Aus de Sektiounen .... 12
Vœux de Nouvel An .... 13
In Pace .... 14
Commemorationstag der Zwangsrekrutierten der Gemeinde Steinsel .... 14


Redaktiounsschluss fir Nr. 3/2006 ass de 15. Juni 2006. Merci!


**Fédération des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L–1024 Luxembourg,**
**tél. + fax: 48 32 32 – CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

**Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés»,** c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L–7333 Steinsel, tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»:** c/o **HOFFELT C.**
41, rue Camille Polfer, L–2359 Luxembourg tél.: 021 63 21 93

**Service social aux Enrôlés de Force:** c/o **Wenzel Danielle tél.: 47 19 61/handy: 021 18 64 11**
Siège 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg

**Amicale des anciens de Tambow:**
Secrétariat: 14, rue de Kahler, L–8378 Kleinbettingen, tél. 39 60 39
**CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000**

**Association des survivants des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg. Tél. Flammang M. 48 16 76

**Enrôlés de Force, section Hollerich-Gare,**
Siège: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg.
**CCPL: IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

**Impression:** saint-paul luxembourg